# 16.06.1985 : Éischt Duerffest

Samschdes, de 15. Juni nomëttes um 1.00 h hu mer ugefaang opzeriichten. Laang Diskussiounen a mëndlech Virbereedungen waren deer Saach virausgaang.

Eis Fraen hu Grompere geschielt, Zalot gefeet asw.

D'Maansleit hunn d'Buden opgeriicht an der Schoulhaff aménagéiert.

Géint fënnef ware mir scho fäerdeg.

Op Kleng-Kiermes-Sonndeg dann goung et em 9.00 h muerges scho lass. Bänken an Dëscher opriichten. D'Buden ariichten, d'Grompere broden asw. asw.

No der Mass um ½ 11 h sinn déi éischt Leit komm, fir den Apéritif ze drénken.

Du goungen och déi éischt Problemer lass : d'Sicherungen am Panzerkasten vun der Schoul sinn andauernd erausgesprongen. D'Friteuse, d'Kachmaschinn, d'Wafeleisen asw. hunn zevill Stroum verbraucht. Mir hunn de Killcamion, deen de Metzler Krack eis zur Verfügung gestallt huet, bei Wiewesch missen uschléissen an d'Kachmaschinn ausdréien. Om Gas gouf weidergekacht. Du goung et.

Um 12.00 h huet de Metzler eis d'Iesse bruecht : Fierkel an Ham. (D'Gromperen (gebootscht) goufen an der kichen am keller ënnert der regie vun der Madame Stephany gebroden.

Spontan hunn eenzel Leit sech zur Verfügung gestallt, fir beim Servéieren ze hëllefen. Och de Metzler huet mat véier Mann geschnëppelt a verdeelt. Sou waren no ongeféier 20 Minutten déi méi wéi 150 Menüen op den Dëscher. Et huet extra gutt geschmaacht (sou de Kommentar vun eise Gäscht).

Nom Iessen : en Engpass bei Kaffi an Eisekuchen. Mat esou engem Ustuurm hate mir net gerechent.

De ganzen Nomëtteg war gudde Betrib.

E grousse Merci op alle Fall huet de Péitrus verdéngt : weder virum 16. nach nom 16. war een Dag esou gutt Wieder wéi deen Dag.

Géint fënnëf Auer huet dann d'Fanfare Mondorf-Altwies eis e Kirmesconcert gespillt ënnert der Leedung vum Här Klemmer. Den Applaus fir dee schéine Concert huet allerdéngs eppes ze wënsche gelooss.

D'Kanner hunn sech ameséiert mat der Dréi (géint 4 Auer ausverkaf) a mat dem Douseschéissen.

Owes goung et da weider, bis et de Leit e bësschen ze frësch gouf. Déi lescht Gäscht hu no 11 Auer Äddi gesot.

Mir hunn nach ofgeraumt. Nodeem d'Madame Stephany hier Jaquette dann erëmfond hat, konnte mer géint halwer eng heemfueren.

D'Caisse huet de René nach gezielt : bal 170 000.- Frang. Alles an allem : e fantastesche Succès !